ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
27 AVR. 2015
1050

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister an den Här Schoulminister weiderzeleeden.

D'Gemenge Betzder, Biwer Bous, Fluessweiler a Jonglënster organiséieren den 28. Abrëll eng Informatiounsversammlung mat Diskussiounsronn zu dem, wat si "Awunnerwalrecht" nennen, also d'Wahlrecht fir Auslänner (vun deene Gemengen "Net Lëtzebuerger" genannt). Dobäi goufe keng Géigner vum Auslännerwahlrecht invitéiert.

An dem Kontext wollt ech dem Här Banneminister an dem Här Schoulminister dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, datt Kollektivitéiten, Institutiounen oder Organer vun ëffentlechem Recht, wéi z.B. Gemenge, Schoulen an esou weider, bei Evenementer mat politeschem Charakter un eng Neutralitéitsflicht gebonne sinn an sech em Objektivitéit an Ausgeglachenheet musse beméien?

2. Wa jo, ass d'Regierung bereet, d'Gemengen an d'Schoulen ze invitéieren, sech bei Evenementer vu politeschem Charakter, déi si organiséieren, ëm Objektivitéit a Neutralitéit ze beméien?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

Le Ministre

Luxembourg, le 8 juin 2015

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 JUIN 2015

A
Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Service Central de Législation
43, Boulevard F.D. Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire N° 1050 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Education Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et de Monsieur le Ministre de l'Intérieur à la question parlementaire reprise sous rubrique que je vous prie de transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre de l'Intérieur

Dan Kersch

**Adresse postale : L-2933 Luxembourg** **Bureaux : 19, rue Beaumont** **Fax : 22 11 25**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Réponse du Ministre de l'Intérieur et du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 1050 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER au sujet de l'organisation d'événements à caractère politique à l'école**

D'Froe vum honorabelen Deputéierten ass scho mat der Interventioun vum Banneminister de 6. Mee op der Tribüne vun der Chamber beäntwert ginn, wou de Banneminister zu der Motioun vum ADR vum 29 Abrel 2015 zum selwechten Thema, am Numm vun der Regierung, Stellung geholl huet.

D'Regierung begréisst prinzipiell all Diskussioun iwwert déifgräifend Froen zu eiser Verfassung, een Debat deen an aller Dignitéit a fair soll iwwert d'Bühn goen. D'Regierung wäert sech allerdéngs net an d'Organisatioun vun deem Debat améschen, dat, wat speziell d'Gemenge betrëfft, eng onerlaabt Améschung an déi kommunal Ugeleeënheete géif bedeiten.

Prinzipiell kann een dovunner aus goen dass d'Gemenge bei der Organisatioun vun esou Informatiounsversammlungen d'Objektivitéit an d'Ausgeglachenheet berücksichtegen an et kann een se an deem Uleies nëmmen encouragéieren.

Wat d'Neutralitéit an de Schoule betrëfft bei Evenementer mat politeschem Charakter, wëll d'Regierung op zwou ministeriell Instruktioune vum 2ten Juni 2014 „Instruction ministérielle concernant l'intervention à l'école fondamentale/aux lycées et lycées techniques de personnalités du monde politique" verweise wéi och op d'Äntwert op Är parlamentaresch Fro n°323 vum 2ten Juni 2014 betreffend dës zwou Instruktiounen.